Dépôt :

Liz Braz (LSAP)

Lëtzebuerg, de 15. Mee 2025

Débat d'orientat° N° 8466
- industrie de la défense

2

# Motioun

D'Chamber

**Stellt fest,**

- Dass déi nei geopolitesch Realitéiten drineng eng Integratioun vun der europäescher Verdeedegungspolitik fuerderen, fir déi strategesch Autonomie vun der EU z'erméiglechen an de Pilier vun Europa an der NATO ze stäerken;
- Dass eng autonom europäesch Verdeedegungskapazitéit nëmme mat enger strukturéierter Koordinatioun an enger Harmoniséierung vun de militäresche Fäegkeete vun den EU-Memberstaaten effektiv ka funktionéieren;
- Dass d'Sécherheets- a Verdeedegungspolitik muss op enger adäquater Finanzéierung an op enger demokratesch kontrolléierter Gouvernance baséieren;
- Dass och déi lëtzebuergesch Industrie – besonnesch kleng a mëttelgrouss Betriber – eng zentral Roll an der Entwécklung vun Innovatioun a Fuerschung am Verteidegungsberäich spille kënnen, notamment am Kontext vun *dual-use*-Technologien.

**Fuerdert d'Regierung op**

- Eng progressiv a kohärent Ëmsetzung vun enger strukturéierter europäescher Sécherheets- a Verdeedegungspolitik z'ënnerstëtzen, déi d'Kapazitéiten vun den EU-Memberstaaten stäerkt an zu enger effektiver europäescher Handlungsfäegkeet féiert;
- Am Virfeld vun all Verdeedegungsinvestitioun suergfälteg d'Pertinenz, de gesellschaftlechen Impakt an den ethesche Charakter vun der Technologie ze evaluéieren;
- Eng Feuille de route auszeschaffen, déi d'Strategie vun der Regierung am Beräich Verteidegung, Industriepolitiken a wirtschaftlech Retombéeën fir Lëtzebuerg detailléiert oplëscht, an dës Pläng an de parlamentaresche Kommissiounen ze presentéieren;
- Der Chamber weiderhin reegelméisseg a gründlech Dokumentatioun iwwert d'Verdeedegungsausgabe virzeleeën

Liz Braz

Taina Bofferding

Georges Engel